Informatiounen zum Kreativmaart Remmerig 16.07.2023

* Opriichte kann een ab Sonndes moies. Punkt 11:00 muss de Stand fäerdeg sinn.

* Um Site selwer däerf keen Auto stoe bleiwen. (Ouni schréftlech Erlabnis vun HOBBYKL) D'Autoe mussen um 10:30 geréckelt sinn op de Parking „Aussteller".

* E Stand däerf net virun 19:00 zougemaach ginn.
Fir ofzeriichten däerf een ab 19:15 Auer mam Auto op de Site erafueren.

* All Aussteller kritt eng schréftlech Confirmatioun. D'Umeldung ass definitiv wann d'Standgeld an/oder d'Kautioun op ee vun eise Konten iwwerwise ginn ass.

* D'Kautioun, d'Standgeld a Primm gëtt owes no dem Maart zréckbezuelt.(Primm vum Schaffe gëtt nëmmen zréckbezuelt, wann een de ganzen Dag bei de Visiteuren säin Hobby virgefouert huet.

* Et däerfen nëmmen deen Hobby virgefouert an ugebuede ginn an et däerfen nëmmen déi Saachen ausgestallt wat een an der Umeldung uginn huet. Floumaartmaterial a Second Hand Saache sinn net erlaabt. Fir kënne Saache vun Drëttpersounen auszestellen, brauch een eng schréftlech Erlabnis vun HOBBYKL.

* Et däerf keen Iesswueren oder Gedrénks ubidden a verkafen (nëmme mat schréftlecher Autorisatioun vun HOBBYKL).

* Den Aussteller däerf säin Emplacement net änneren.

* Net wäit ewech vun all Stand ass en elektreschen Uschloss disponibel). Jidderee muss awer seng eege Verlängerung matbréngen (minimum 20 Meter).

* All Aussteller vun Hobbykënschtler Lëtzebuerg asbl kritt e Schëld/Panneau mat sengem Numm (Deen muss ëmmer siichtbar aushänken an ass beim Ofhuele vun der Kautioun zeréckzeginn).

* All Aussteller erlaabt dem Veräin Fotoe vu sech, sengem Stand a senge Saachen ze maachen an déi ze publizéieren. Falls Dir net averstane sidd, dann deelt eis dat w.e.g. schréftlech mat.

* Alles, och all Konschtgéigestand ass ënnert der Verantwortung vum Proprietär. Den Organisateur kënnt net op fir eventuell Schied (Déifstall, Verloscht, Beschiedegung asw.). Mir leeën all Responsabilitéit of bei all Accident.

* Muss de Maart deels oder ganz annuléiert oder ofgebrach ginn, kann doduerch kee Schuedenersatz géint den Organisateur gefrot a geltend gemaach ginn.

* Duerch d'Iwwerweisung acceptéiert den Aussteller dat internt Reglement vun HOBBYKL.

Walfer, Januar 2023